

B/C

SPILLER AN SÛCHERHEET BEIM SCHWAMMEN (2019-11)

30.03.2019

„Mir ginn schwammen!“, eng Saach déi den Kanner ëmmer gefält. Mee d'Waasser bréngt och Geforen mat sech an dorop probéieren mir eis sou gutt wéi méiglech virzebereeden.

B

FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR (2019-12)

06.04 > 13.04.2019

An dëser Woch léiers du wat d'Liewen am Grupp ass. Aktivitéiten ginn zesummen geplangt an gespillt. Dat ass eng Aart „Drächenübung“, wou mir Situatiounen, deenen sech en Animateur stellen muss gemeinsam erliewen, an duerno och driwwer diskutéieren kënnen. All Froen déi an der Woch opkommen probéieren mir donieft och nach ze beäntweren.

C

FORMATIUNSWOCH ANIMATEUR (2019-13)

06.04 > 13.04.2019

Beim Animateur léiers du méi iwwert dech selwer kennen, et gëtt reflektéiert iwwert deng eegen Erfahrungs aus den Kolonien, wou's du schonn als Moniteur matgemaach hues. Et ginn awer och nach aner Themen behandelt, wéi z.B. Konfliktléisung, Gruppendynamik an Kommunikatioun. Ons Formatiounswoch Brevet C ass ganz praxisorientéiert, ons Stagiären schaffen déi eenzel Thematiken selwer aus an diskutéieren duerno iwwert déi eenzel Phasen déi si hei selwer duerchlief hunn.

B/C

TÉITSCHEN A SCHRÉIPSEN (2019-14)

04 / 05.05.2019

„Aua, ech sinn an eng Muschel getréppelt“ Upps, an wat maachen ech elo als Moniteur an dëser Situatioun? Wou ass meng 1 Hëllef Trousse? Hëllef!!! Sou an och aner Situatiounen kommen op een duer wann een mat Kanner an Jugendlech op d'Plage geet oder aner Aktivitéiten op aner Plätzen duerchféiert! Op dësem Weekend kennen mir zwar keen 1 hëllef Cours vun A - Z duerchféieren, mee déi Grondkenntnisser déi an enger Kolonie erfuedert ginn wëllen mer der weisen datts du kann reagieren oui mussen no Hëllef ze ruffen!



B/C

THEMA SEXUALITÉIT (2019-15)

11 / 12.05.2019

Alles was de schonns ëmmer wolls wëssen, Informatiounen, Diskussiounen an Ëmgang mam Thema Sexualitéit, geschlechtsspezifesch Rollenverständnisse. Opwaat muss ech an der Kolonie mat Kanner an Jugendlech oppassen, an wei soll ech als Animateur / Animatrice handelen am deeglechen Ëmgang mat den Kanner / Jugendlechen.

D

TEAMGEESCHT AN TEAMBUILDING (2019-16)

18 / 19.05.2019

Dësen Weekend ass den 2. Deel vun eiser Spezialisatioun: Teambuilding an Stressmanagement. Een Team sinn, wat heescht dat an wat bréngt dat alles mat sech? Genau déi Froen ginn op dësem Weekend, deen ganz praxisorientéiert ass gekläert.

B/C

KACHEN AN BRACHEN (2019-17)

08 / 09.06.2019

Du hues schonn méi laang mam Gedanken gespillt fir eng Kolonie an Holland oder Frankräich matzemaachen, hues dech awer nach nie getraut wëlls du net kachen kanns? Keen Problem, op dësem Weekend weisen mir dir all Tricks an Tipps wei een fir en groussen Grupp gudd an frësch kachen kann, oui mussen en 5 Stärken Kach Concours gewonne ze hunn. Ausserdem kriss du all néideg Infoen déi mam kachen zesummen hänken wie z.B. Allergien, Killketten...

B/C

ENTWÉCKLUNGSPHASEN 13-17 JOËR (2019-18)

15.06.2019

Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwécklungsstufen vun de Jugendlechen tëscht 13 - 17 Joër sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hiren Bedierfnisse an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnisse an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Veralten lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regelen sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen optrieden an wie kann een hinnen begéinen?



KONDITIONEN



D'FORMATIUN „AIDE-ANIMATEUR“ AN „ANIMATEUR“ ASS AN 2 ETAPPEN AGEDEEFT :

- ▶ „Aide-animateur d'activités de loisirs Brevet B“
- ▶ „Animateur d'activités de loisirs Brevet C“

KONDITIONEN FIR DE BREVET B „AIDE-ANIMATEUR“ :

- ▶ Mindestens 15 Joër al sinn

Wat muss ech maachen fir Aide-Animateur ze ginn?

- ▶ 1 Meet and Greet Infodag
- ▶ 3 Formatiounsweekender
- ▶ 1 Formatiounswoch „Aide-Animateur“
- ▶ 1 Vakanzekolonie

Des Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen

KONDITIONEN FIR DE BREVET C „ANIMATEUR“ :

- ▶ Mindestens 16 Joër al sinn
- ▶ Eng ofgeschlossenen Formatioun „Aide-Animateur, Brevet B“

Wat muss ech maachen fir Animateur ze ginn?

- ▶ 3 Formatiounsweekender
- ▶ 1 Formatiounswoch „animateur“ (heifir muss de mindestens 2 Kolonien matgemeet hunn)
- ▶ 1 Vakanzekolonie

Des Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen

KONDITIONEN FIR DE BREVET D „ANIMATEUR SPECIALISÉ“ :

- ▶ Mindestens 18 Joër al sinn
- ▶ Eng ofgeschlossenen Formatioun „animateur Brevet C“


Wat muss ech maachen fir animateur spécialisé ze ginn?

- ▶ 2 Formatiounsweekender vum Brevet D

Des Formatioun dauert mindestens 25 Stonnen

INFORMATION

All eis Formatiounen kennen och am Kader vum Mérite Jeunesse unerkannt ginn



JUGENDROUTKRÄIZ

PROGRAMME 2018 / 2019

Formation animateurs



croix-rouge luxembourgeoise
Menschen helfen



Moniteur an de Vakanzekolonien
vun der Croix-Rouge:

Motivéiert ! Engagéiert ! Voller
Energie!

Maach eng interessant Formatioun a
géiff Moniteur an de Vakanzekolonien
bei der Croix-Rouge.

Mell dech einfach un! Mir freeën
eis op dech!



FORMATIOUN TO GO

D	FELS IN DER BRANDUNG 13.10.2018	B/C	E KAND EWÉI EN ANERT 23 / 24.03.2019
I	MEET AND GREET 13.10.2018	B/C	SPILLER AN SÉCHERHEET BEIM SCHWAMMEN ... 30.03.2019
B	FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR 29.10. >03.11.2018	B	FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR 06.04.>13.04.2019
B/C	ENTWÉCKLUNGSPHASEN 4-7 JOËR 17.11.2018	C	FORMATIUNSWOCH ANIMATEUR 06.04.>13.04.2019
B/C	VERHALENSORIGINELL KANNER 24 / 25.11.2018	B/C	TÉITSCHEN A SCHRÉIPSEN 04 / 05.05.2019
B/C	ENTWÉCKLUNGSPHASEN 8-12 JOËR 08.12.2018	B/C	THEMA SEXUALITÉIT 11 / 12.05.2019
B/C	MEDIENWEEKEND 12 / 13.01.2019	D	TEAMGEESCHT AN TEAMBUILDING 18 / 19.05.2019
I	MEET AND GREET 2 26.01.2019	B/C	KACHEN A BRACHEN 08 / 09.06.2019
B/C	SPILL MAT 09.02.2019	B/C	ENTWÉCKLUNGSPHASEN 13-17 JOËR 15.06.2019

- ▶ All ons Formatiounen fannen zu Birtreng an onsem Centre de Formation et de rencontre „Am Bongert“ statt.
- ▶ 1 Formatiounsweekend dauert vun Samschdesmëttes 15 bis Sonndesmëttes 15 Auer. Iwweruechten an onsem Formatiounscenter ass obligatoresch.
- ▶ 1 Formatiounsdaach dauert vun Samschdesmoies 9 bis Samschdesmëttes 17 Auer.
- ▶ 1 Formatiounsweekend kascht 20€ „all inclusive“, 1 Formatiounswoch kascht 110€ „all inclusive“

Falls Ännerungen géifen virleien gidd dir heirivwer informéiert.



All eis Weekender sinn zougängelech fir den Brevet B an C, ausser et steet eng speziell Kennzeechnung hannert dem Titel vum Weekend.

ERKLÄRUNGEN ZU DEN CODE'EN :

- B/C** Brevet B an Brevet C
- D** Brevet D
- I** Infodag

D

FELS IN DER BRANDUNG (2019-1)
13.10.2018

Dësen Weekend ass den 1. Deel vun eiser Spezialisatioun: Teambuilding an Stressmanagement. Eent vun de Grondbedierfnesser vum Mënsch an ganz besonnesch vum Kand ass d'Sécherheet, an ween kann an enger Kolonie besser Sécherheet vermëttelen wie een Moniteur/eng Monitrice deen/die d'Rouh bewahrt? Op dësem Dag gesi mer, wéi dir schonn Wochen virun enger Kolonie iech optimal virbereeden kënnt, fir Stresssituatiounen gutt gewappnet ze begéinen. Dir léiert och är eegen Stressausléiser,-verstärker an -reaktiounen besser kennen an kritt Techniken an Methoden mat op de Wee fir souwuel präventiv, wie och an der Situatioun selwer den Stresspegel ze senken, respektiv téschenduerch och nees Energie an Kraaft ze tanken. Gläichzäitig gesi mer wéi der mat verschiddenen vun deenen Techniken och de Kanner a Jugendlechen hëllef kënnt.

I

MEET AND GREET (2019-2)
13.10.2018

Du wëlls dech gären sozial engagéieren, weess awer net wou?

Weess du wat d'Rout Kräiz ass? Neen?

Dann komm op onsen MEET & GREET vum Jugendroutrkäiz!

Dësen Dag ass d'äin 1. Schrott um Wee an die weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. Hei hues du d'Méiglechkeet d'Roud Kräiz an méi speziell d'Jugendroutrkäiz mat all sengen Facetten kennen ze leieren. Du kriss Informatiounen an kanns och all deng Froen stellen.

Owes kanns du dann och bei engem relaxen lessen die Aal Jugendroutrkäizler besser kennen leieren. Dësen Dag ass obligatoresch fir all Jonken deen sech beim Jugendroutrkäiz well engagéieren.

B

FORMATIUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR (2019-3)
29.10. >03.11.2018

An dëser Woch léiers du wat d'Liewen am Grupp ass. Aktivitéiten ginn zesummen geplangt an gspillt. Dat ass eng Aart „Drëchenübung“, wou mir Situatiounen, deenen sech en Animateur stellen muss gemeinsam erliewen, an duerno och drivwer diskutéieren kënnen. All Froen déi an der Woch opkommen probéieren mir zesummen ze beäntweren.

B/C

ENTWÉCKLUNGSPHASEN 4-7 JOËR (2019-4)
17.11.2018

Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwécklungsstufen vun de Kanner téscht 4-7 Joër sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hiren Bedierfnesser an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnesser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Vehalten lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regelen sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen oprieden an wie kann een hinnen begéinen?

B/C

VERHALENSORIGINELL KANNER (2019-5)
24 / 25.11.2018

ADHS? Hyperaktivitéit? Mäin Kand dach net! Als Moniteur steet een oft viru Situatiounen wou ee keen Auswee méi weess wann e Kand ausflippt. Wéi kann ech an dëser Situatioun reagéieren? Gett et iwwerhaupt en „geheim Rezept“ fir op des „verhalensoriginell“ Kanner ze reagéieren? Op des an nach vill aner Froen probéieren mir an dëser Formatioun Äntwerten ze fannen.

B/C

ENTWÉCKLUNGSPHASEN 8-12 JOËR (2019-6)
08.12.2018

Mir kucken eis un wat déi spezifesch Entwécklungsstufen vun de Kanner téscht 8-12 Joër sinn, sou dass mer en bessert Verständnes vun hirem Verhalen an hiren Bedierfnesser an enger Kolonie kréien. Dono gesi mer dann wei mer deenen Bedierfnesser an enger Kolonie kënnen gerecht ginn an wéi mer d'Vehalten lenken kënnen an Aktivitéiten an Situatiounen altersgerecht gestalten kënnen. An deem Kader ginn mer och folgend Froen un: Wat fir Grenzen a Regelen sinn wichteg an wie kann een déi am beschten vermëttelen an liewen? Wat kann een zu enger positiver Gruppendynamik bäidroen? Wat fir altersspezifesch Erausforderungen kënnen oprieden an wie kann een hinnen begéinen?

B/C

MEDIENWEEKEND (2019-7)
12 / 13.01.2019

Facebook, Whatsapp, Instagram, Snapchat, Cloud, Internet sinn sëllegen Nimm op déi een permanent stéisst oder mat deenen een vläit eventuell ze dinn huet. Mais wéieng Virdeeler an Nodeeler bréngen mir des sougenannten Social Networks, Apps, Internet (portaler) an modern Medien wéi Musek, Film an Video? Wéi kann ech se beschtméiglechst fir mech selwer an méiglecherweis souguer fir flott Aktivitéiten an enger Kolonie benotzen? Des an nach vill weider Froen sollen um neien Medienweekend beäntwert ginn deen sech mat den modernen Medien an der aktueller Technik auseerene setzt.

I

MEET AND GREET 2 (2019-8)
26.01.2019

Du wëlls dech gären sozial engagéieren, weess awer net wou? Weess du wat d'Rout Kräiz ass? Neen? Dann komm op onsen MEET & GREET vum Jugendroutrkäiz! Dësen Dag ass d'äin 1. Schrott um Wee an die weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. Hei hues du d'Méiglechkeet d'Roud Kräiz an méi speziell d'Jugendroutrkäiz mat all sengen Facetten kennen ze leieren. Du kriss Informatiounen an kanns och all deng Froen stellen. Owes kanns du dann och bei engem relaxen lessen die Aal Jugendroutrkäizler besser kennen leieren. Dësen Dag ass obligatoresch fir all Jonken deen sech beim Jugendroutrkäiz well engagéieren.

B/C

SPILL MAT (2019-9)
09.02.2019

Gesellschaftsspiller? Mensch ärgere dich nicht a Co? Oh méi, wei langweilig! An dëser Formatioun probéiere mer dir ze weise wei eng Gesellschaftsspiller et gi fir wei en Alter vu Kanner a Jugendlechen. Wei kann ech en Gesellschaftsspill méi attraktiv maache fir beim Kannergrupp Interesse dorun ze kréien. An awer och a weienge Situatiounen kann ech wei ee Gesellschaftsspill asetzen? Altersgrenz: 15 - 99 Joër!

B/C

E KAND EWÉI EN ANERT (2019-10)
23 / 24.03.2019

Un den Vakanzen vum lëtzebuurger Jugendroutrkäiz huelen gläicher Moossen behënnert an nët behënnert Kanner deel. Mee wat ass dat iwwerhaupt, eng Behënnertung? Wat fir eng Formen vun Behënnertung gëtt et, an wéi encadréieren mir dës Kanner, fir dat hier Vakanz genau sou flott gëtt wéi fir eis all? Op dës Froen, an op honnert aner, sichen mir Äntwerten op dësem Weekend.